# Initialausbildung vun de Léierinnen a Schoulmeeschter:

## Firwat mécht den Educatiounsminister net Neel mat Käpp?

De 24. Mäerz 2023 huet den Educatiounsminister Claude Meisch an der Emissioun « Invité vun der Redaktioun » bei RTL Radio Lëtzebuerg op d'Kritickе vum SNE/CGFP zur neier Quereinsteigerformatioun, déi ab der nächster Rentrée op der Uni.lu ugebuede gëtt, reagéiert.

Den Här Minister huet an däser Emissioun besonnesch ervirgehuewen, dass ee mat der neier Quereinsteigerformatioun, déi zu engem « Bachelor en formation pédagogoque BFP » féiert, a Richtung vu méi Qualitéit am « Enseignement fondamental » géif goen.

### Mee kucke mir eis dat emol méi genau un!

Den Här Minister Meisch huet an däser Emissioun gesot, dass déi 1. Quereinsteigermesure derzou geféiert huet, dass haut « manner Chargés de cours » mat « just » engem Premièresdiplom an de Grondschoule schaffen an dass dat fir hien eng gutt Entwécklung ass. Déi 2. Quereinsteigermesure gesäit hien elo als en « nächste Schrëtt » a Richtung vun (nach) méi Qualitéit am « Enseignement fondamental ».

Den Här Meisch schéngt also den Haaptakzent vu senge Mesuren op d'Steigerung vun der Qualitéit ze leeën.

**Den SNE/CGFP mécht dozou folgend Remarken:**
Wann den Här Meisch wierklech eng grouss Qualitéitssteigerung hätt wëllten hunn, firwat huet hien



dann d'Initialausbildung vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren net carrement op Masterniveau gehuewen?

Firwat setzt hien elo eng Formatioun „ à la va-vite " vun engem Joer mat nëmme 6 Woche Stage um Terrain op d'Been, wuelwëssend dass d'Praxiserfarung fir de Student, deen de Beruff vun der Léierin oder dem Schoulmeeschter ergräife wëllt, vun enormer Wichtegkeet ass?

Ass den Här Meisch wierklech der Meenung, dass d'Kandidaten, déi de Wee vun der neier Quereinsteigerformatioun aschloen, an engem Joer all dat kënne léieren, wat sech d'Studenten aus dem BScE a 4 Joer Studium an den Erzéiungswëssenschaften ugëeegent hunn?
Ass deen neie « Crashstudium » qualitativ wierklech esou ee « grousse Schrëtt », wéi den Här Meisch eis dat gleewe wëllt dinn?

### Den SNE/CGFP mengt net!

D'Erausfuerderunge fir den Enseignantsberuff sinn hautdesdaags enorm:
Den Enseignant soll iwwer fachlech, pedagogesch, didaktesch, emotional-sozial an digital Kompetenze verfügen. Hie soll motivéieren, differenzéieren, d'Heterogenitéit geréieren an inklusiv schaffe kënnen. Hie soll mat verhalensopfällege Schüler eens ginn. Hie soll d'Kanner sproochlech färderen, egal wéi hire sproochleche Background ass. Hie soll Kanner mat Léierschwieregkeete beschtméiglech encadréieren. D'Elterenaarbecht ass am Laf vun der Zäit och net méi einfach ginn. Déi administrativ Tâchen hunn enorm zougeholl. Den Enseignant iwwerhëlt doriwwer eraus ëmmer méi Aufgaben, déi soss an der Famill wouergeholl goufen.

An dëst ass nëmmen e klengen Ausschnëtt vun all deem, wat vun de Léierinnen a Schoulmeeschter verlaangt gëtt.

Aus dëse Grënn ass eng qualitativ héichwäerteg Grondausbildung vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren fir den SNE/CGFP vun enorm grousser Wichtegkeet. An esou eng Formatioun kann an den Ae vum SNE/CGFP nëmmen op Masterniveau ugesidelt ginn.

Firwat mécht den Här Minister Meisch net Neel mat Käpp?

Amplaz ze pléischteren an niewent dem reguläre Studium an Erzéiungswëssenschaften eng nei Quereinsteigerformatioun op der Uni.lu ze organiséiere wär et fir den SNE/CGFP un der Zäit, d'Ausbildung vun de Léierinnen an de Schoulmeeschteren nohalteg ze reforméieren andeems eng eenheetlech a qualitativ héichwäerteg Ausbildung agefouert géif.

Fir den SNE/CGFP kann dat just en « 3 plus 2-Studium » sinn. Fir d'éischt sollen d'Studenten e Bachelor vun 180 ECTS-Punkten (Reegelstudienzäit 3 Joer) an duerno e Master vun 120 ECTS-Punkten (Reegelstudienzäit 2 Joer) maachen. Esou wären déi zukünfte Enseignantë gutt opgestallt fir déi haiteg an zukünfteg Defien an der Schoul unzegoen.



Gilles Glesener
Generalsekretär SNE/CGFP

